N° 7376
Entrée le 17.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7376 vum 14. Dezember 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

D'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur gëtt op Basis vum geännerte Gesetz vum 6. Juni 2019

« Loi modifiée du 6 juin 2019 relative à la gestion, à l'accès, a l'utilisation de l'infrastructure ferroviaire et à la régulation du marché ferroviaire. »

a vum Gestiounskontrakt deen duerch de Règlement grand-ducal vum 6. November 2009 a Kraaft gesat gouf

« Règlement grand-ducal du 6 novembre 2009 portant approbation du contrat de gestion de l'infrastructure ferroviaire et de la convention relative à la gestion administrative des immeubles dépendant de l'infrastructure ferroviaire signés le 7 mai 2009 entre l'Etat et la Société Nationale des CFL. »,

ausgefouert.

Déi national lëtzebuerger Eisebunnsgesellschaft (CFL) ass mat dëser Gestioun beoptraagt.

De Gestiounskontrakt bestëmmt d'Missioune vum Gestionnaire vun der Infrastruktur an och d'Modalitéite vun deem senger Remuneratioun.

Zanter 1995 ass d'CFL mat der Gestioun vun den Eisebunnsanlage beoptraagt. All Investitiounsprojeten an all Aarbechte betreffend den Ënnerhalt vun der Eisebunnsinfrastruktur si vun der genannter Gesellschaft als Prestataire realiséiert ginn.

An deene rare Fäll, wou de Budget vun engem Projet huet mussen erhéicht ginn, ass d'Chamber domadder befaasst ginn iwwer e Projet de loi oder doriwwer am Kader vum Staastbudget informéiert ginn.

All Projete goufe vun der CFL, als Gestionnaire vun der Eisebunnsinfrastruktur, realiséiert. Dobäi gräift d'CFL bei der Ëmsetzung vu Projeten oft op extern Betriber zréck. Den Zouschlag vun Aarbechten a Prestatioune geschitt entspriechend de Regele wéi se am Gesetz betreffend ëffentlech Ausschreiwunge virgesi sinn.

D'Chamber gëtt regelméisseg iwwer de Stand vun den Eisebunnsinfrastruktursprojeten informéiert.

Lëtzebuerg, den 17. Januar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch